# d'Peffermillen

Bei der rezenter Visite vum Här Gorbatschev zu Paräis gouf vill iwert d'Glafwierdegkeet vu sëngen Ofrüstungsvirschläi diskutéiert, dem Här Reagan sëng Zweedeitegkeete goufe vill manner a Fro gestallt. Mä 't gong ganz wéineg rieds vun enger Neierung, di de sowjetesche Bierger dach en immense Fortschrëtt um Gebidd vun de Mënscherechter bruecht huet: si konnten op der eegener Televisioun en Interview vun der fransëscher Televisioun mam Generalsekretär vun der KPdSU kucken a virun allem konnten si der Pressekonferenz, déi hien zu Paräis als éischte Kreml-Chef gin huet, nolauschteren. Bis op eng goufen dobei och all kritesch Froe matiwerdroen. Dës Neierung kann ee jo awer nët mi einfach qualifizéieren als Propagandamëttel, fir dem Westen Sand an d'Aen ze streën. Méi Informatiounsfräiheet wor nach ëmmer den éischte Schrëtt zu méi Fräiheeten a Mënscherechter iwerhaapt. A Russland duerfen d'Mënsche neess hoffen! m.p.

*

"Denk Dir nët eventuell drun, nei Fënsteren an ärt Haus ze man," frot dëslescht jo nët eng Fra de Koschter um Telefon. Lo huet 1. de Koschter keen Haus, an 2. géif e nët op en Telefon waarde, fir sech no neie Fënsteren ëmzekucken. D'Firma Stark as do anerer Meenung an zëckt nët, fir de Konn aus sënger Rou ze rappen oder bei der Aarbecht ze stéieren, fir him hir Fënsteren opzeschwetzen. Dass d'Firma Stark geschwë nët mi eleng as mat dene Reklamsmethode, geet aus der Tatsaach ervir, dass d'"Chambre de Commerce" de 14.,15. a 16. Oktober e Seminär mat ausläneschen Experten iwert den Asaz vum Telefon bei der Verbesserung vun de Verkafsleeschtungen organiséiert huet. De Koschter fënnt esou eng Praxis skandaléis: bei Reklammen an der Zeitung kann een driwwer eweg bliederen, déi aus der Bréifkëscht kann een direkt an d'Dreckskëscht geheien, mä wee kann sech erlaben, den Telefon nët opzehiewe, well vläicht eng Firma hie mat Reklamme belästege wëllt? De Koschter fënnt, dass et héich Zäit gëtt, dass e Gesetz ët verbidd, e Kommunikatiounsmëttel wi den Telefon zu Propagandazwecken ze mëssbrauchen. m.p.

*

De Koschter huet d'lescht op der Tele en däneschen Dokumentarfilm gesin, an deem mat Zeienaussoen an Dokumenter den illegalen Waffenhandel tëschend Bulgarien an Südafrika beschriwe gin as. Schéi gestaunt huet en, wéi plötzlech ob engem Faksimilee eng lëtzebuergesch Adress stoung. D'finanziell Oafwecklung vun deem Geschäft as nämlech iwer Lëtzebuerg gelaf, iwer d'BIL an d'Kredietbank. Kee Wonner, de Krügerrand kritt ee jo och nach iwerall ze kaafen. ff.

*

Et as dem Koschter natierlech nët entgaang, dass d'LW bei der Virbereedung vun der Bëschofssynod am Dezember zu Roum en erfreelechen Effort a Richtung Pluralismus mecht: ënnerschiddlech Stëmmen, "suguer" (LW) aus der nëtkathoulescher Welt, kommen di lescht Samschdeger zu Wuert. Sou sollt ët bei allen Themen sin! - Dëse Pluralismus huet awer nach ganz enk Grenzen: su wor Samschdes. den 12.10.85 en Artikel vun engem gewëssen P. Schütte ze liesen, deen eng Antwert op en Artikel vum Hans Küng wor. De Koschter wor nët eleng, fir dem Schütte säin Artikel nët ze verstoen, well d'LW dem Küng säi nët bruecht hat. E "forum"-Lieser huet am Koschter sëngem neie Büro (Tel.438619) ugeruff, fir ze froen, op hien ëm vläicht dee Küng-Artikel kënnt verschafen. De Koschter konnt ... D.

*

Am Juli hat de Koschter dem lz scho missen eng Datz an der däitscher Dissertatioun gin, well e mat falschen Zitater operéiert huet, fir sëng Argumentatioun opzebauen. An der Geschicht huet deeselwechten och nët an der Schoul opgepasst a mat sëngem Leitartikel vum 3o.9.85 neess eng Datz verdëngt. Hie versicht sech, nët zu onrecht, iwert déi Leit lëschteg ze man, di den däitsche Nationalsozialismus an den italiénesche Faschismus an een Dëppe wëlle geheien (obschon de Sproochgebrauch leider an déi onnüancéiert Richtung geet). Mä wann hie selwer da wëllt Nationalsozialismus a Kommunismus iwert ee Leescht zéien, weist e, wéi wéineg hie vun den historeschen Uersaache verstan huet, di zu deenen zwee autoritäre Gesellschaftssysteme gefouert hun. Dat as erschreckend, well dann as hie kaum ëmstand, an der Zukunft äenlech geféierlech sozial Entwécklunge mat Zäit z'erkennen an dergéint unzegoen. Den lz géif also vläicht gudd drun din, och emol a Konferenzen vun Historiker ze goen, ir en de Mond zevill grouss opräisst. - Wat sëng Ennerstellungen am selwechten Artikel zur Hexenausstellung am Mäerz am "Cercle" ubelaangt, sief op de Pefferkär am "forum" Nr.8o verwisen. De Koschter weess mat Sëcherheet, dass di Ausstellung geplangt an den Datum fixéiert wor, laang ir de Besuch vum Poopst hei bekannt gin as! Eng Lige gët nët doduerch méi wouer, dass een se zweemol widerhëllt. Wéi néideg di historesch Opklärung iwert d'Mechanisme vun den Hexenverfolgungen(oder d'Uersaache vun der NS-Diktatur) sin, huet den lz mat sëngem Hetzartikel gewisen. De Koschter as iwwerzeegt, dass méi wi ee Geschichtsprof deen Artikel sënger Klass ausgedeelt huet fir se ze warne, wou ee kann hikommen, wann ee nët oppasst am Geschichtsunterrecht. m.p.

*

Wann ee vun der DP géif verlaangen, si misst sech ausdrécklech vun der DDR distanzéieren, well soss kënnt een hir och Feeler vun der DDR-Féierung an d'Schong schédde, well schliesslech géife sech allebéid "demokratesch" nenne, da géif wuel jiddereen de Kapp rëselen iwwert esou eng simplistesch Begrëffsidentifikatioun. Genee dat probéiert d'LW awer säit e puer Woche mam Begrëff "kommunistesch": D'KPL wir mat schëlleg un den Attentater vun de belsche "Cellules communistes combattantes", well si géife sech jo allebéid kommunistesch nennen. Wéivill Parteie probéieren dann dat "chrëschtlecht" op déi Manéier z'akkaparéieren? An esou Begrëffsverdréinunge komme vu Leit, di refuséieren, och emol kritesch Lieserbréiwer oder Artikelen ze publizéieren, well déi géifen zu enger "Verwirrung der Geister" féieren! Wee natierlech kee Geescht huet ... m.p.